ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Relatiounen tëscht Lëtzebuerg an dem Aserbaidschan sinn an de leschte Joren déi eng oder aner Kéier strapazéiert ginn. Viru Kuerzem huet den aserbaidschanesche President Ilham Alijew de Geck mat eisem Land gemaach, well den Här Minister Jean Asselborn d'aserbaidschanesch Aggressioun am Bierg-Karabach kritiséiert hat.

An dem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung den aktuelle Stand vun de bilaterale Relatioune mat dem Aserbaidschan an?
2. Wéi wichteg sinn aktuell déi wirtschaftlech Bezéiungen tëscht Lëtzebuerg an dem Aserbaidschan? Wéi ass d'Entwécklung vun deene Relatiounen no Activitéitssecteur?
3. Wéi grouss ass nach d'Bedeitung vu Baku fir déi Lëtzebuerger Aviatioun am Cargo-Beräich?
4. Virun allem vun armenescher Säit ginn Nimm vu Persoune mat aserbaidschanescher Nationalitéit genannt, déi sollte vun der EU mat Sanktioune beluegt ginn. Wéi stellt sech Lëtzebuerg zu deene Lëschte vu Persounen? Wéi en Effekt hätten esou Sanktiounen op déi lëtzebuergesch politesch an ekonomesch Interessien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten